

■ **Mme Lydie Err** (LSAP).- Jo, kuerz zur Motioun, Här President. Zum éischte Punkt mengen ech, dass d'Regierung hir Marge d'appréciation domadder bewisen huet, dass 156 Leit entre-temps regulariséiert gi sinn. Ech hätt och léiwer et wieren der méi. Mä et kann een an deenen Émstänn awer net froen, déi Marge d'appréciation ze schafen, wa se existéiert.

Zu deem zweete Punkt, den Här Braz schwätzt do vu Saachen, déi ech dem Minister proposéiert hunn, an ech hunn de Minister elo grad gefrot; déi Recommandatioun vum Conseil de l'Europe ass hie bereet an e Reglement ëmzesetzen. Mir maachen him natierlech Confiance fir dat ze maachen, esou dass dat heiten a mengen Aen dann iwwerflësseg ass.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Felix Braz** (DÉI GRÉNG).- An der Praxis sinn dat awer keng Argumenter, Här President.

■ **M. le Président**.- D'Madame Err mengt deen zweeten Tiret wär superfétatoire. Dir hutt eng aner Meinung, Här Braz?

■ **M. Felix Braz** (DÉI GRÉNG).- Just ganz kuerz. Ech wëll awer och nach eng Kéier zwee Wuert zur Motioun soen. Et ass de Mëtten oft genuch widderholl ginn, mir hätte jo Uerteeler, déi, wann se définitivement „coulés en force de chose jugée“ wieren, keng aner Méiglechkeet méi géife loossen. Mä dat ass net de Fall.

Ech hunn als Äntwert op eng Question parlementaire elo endlech déi Kritäre beschriww kritt vum Här Nicolas Schmit, déi d'Regierung uwennt. Et gëtt also selbstverständlech Ausnahmen zu den Uerteeler. Mir sinn eis eens, dass Uerteeler musse vollstreckt ginn. Mä mir sinn eis awer genau sou eens, Här Asselborn, dass et selbstverständlech Ausnahme gëtt.

D'Fro ass just, wou déi Ausnahme gemaach ginn. An dat wat hei steet, Madame Err, ass net, wéi Dir et duergestallt hutt, de Wonsch fir eng Marge ze schafen, déi et scho gëtt. Et steet ganz kloer dran am leschte Considérant, d'Regierung disposéiert schonn iwwer déi Marge, a mir soen, si soll déi Marge esou notzen, dass zumindest vun den „déboutés en fin de droit“, déi elo nach do sinn, keng Famillje mat Kanner méi ausgewise ginn. An dass dat net superfétatoire ass hu mer de leschte Freideg gesinn um Findel!

Zum zweeten Tiret. Här Asselborn, sot net der Madame Err en aparté ënner véier Aen, wat Der wëlles hutt. Da sot Äre Fraktiounskollegen, dass Der kee Problem hutt mam zweeten Tiret. Da kënnen mer se stëmmen. Ech halen dem Här Minister an der Madame Err gären de Mérite dovunner gutt.

■ **M. le Président**.- Sou, elo ass alles kloer an däitlech.

(**Hilarité**)

Mir kommen dann zum Vote. Ass de Vote électronique verlaangt?

(**Assentiment**)

Selbstverständlech.

Vote

D'Motioun 2, Här Braz, ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen an 13 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-

Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Jean-Pierre Koepp.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour.

5. Ordre du jour

Den Ordre du jour gesäit elo de Projet iwwert d'Besteuerung vun den Zëse vir. Ech wëll awer d'Regierung froen, ob se...

(**Interruptions**)

De Wonsch war geäussert ginn, dass mer géifen déi zwee Projeten inverséieren a fir d'éischt deen iwwert de Referendum huelen, derno deen iwwert d'Zënsbesteuerung.

Ass dat de Wonsch vun der Regierung?

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Et ass esou, den Här Frieden ass nach am Ecofin do uewen, a mir hunn do matenaner geschwat. Ech hat héieren, dass schonn eise Fraktiounspresident an och den Här Wolter do matenaner geschwat haten, fir dat ze inverséieren. Mä et ass mer elo virun enger hallwer Stonn gesot gi vum Här Frieden, dass mer sollen deen anere Projet virhuelen, well si ginn net fäerdeg do uewen.

■ **M. le Président**.- Ass d'Chamber domat d'accord, dass mer elo fir d'éischt zum Projet iwwert de Referendum kommen?

■ **M. Felix Braz** (DÉI GRÉNG).- Wann den Här Frieden dat esou décidéiert huet...

■ **M. le Président**.- Neen, den Här Frieden huet dat net esou décidéiert, Här Braz, ech froen d'Chamber ob se domadder d'accord ass?

(**Assentiment**)

Dann ass et also esou décidéiert. Den Här Henckes!

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Här President, ech mengen déi Diskussiounen am Conseil vum Ecofin gi justement ëm d'Applikatioun vun dëser Direktiv an d'Conditions d'application. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob et net besser wier den Débat iwwert dëse Projet de loi op déi nächst Woch ze verleeën, datt mer dem Minister Zäit loosse fir hei kënnen d'Debatt ze suivéieren, an ech mengen da wier der Saach och genotzt an datt mer och da vun deenen Informatiounen, déi virleien, wou anscheinend driwwer Rieds geet fir d'Introduktioun, d'Mise en vigueur vum Gesetz nach eng Kéier ze reportéieren, datt mer deen Ablack en connaissance de cause kënnen doriwwer debattéieren.

■ **M. le Président**.- Ech wëll lech soen, Här Henckes, datt mer den Ordre du jour virdrun

arrétéiert haten. Et kann elo net a Fro kommen, datt mer en erëm eng Kéier modifizéieren. Mir bleiwe bei deem Ordre du jour, deen arrétéiert ass, sauf datt en elo inverséiert gëtt.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5443 «portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004». D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

6. 5443 - Projet de loi portant organisation d'un référendum national sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, signé à Rome, le 29 octobre 2004

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kollegen...

(**Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence**)

■ **M. le Président**.- Sou, da géing ech ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden, et ass hei e wichtige Projet!

■ **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- All Projete si wichtig, Här President.

■ **M. le Président**.- Deen ass awer méi wichtig wéi déi aner, Här Meyers!

■ **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- De Gesetzesprojet 5443 schaaft déi gesetzlech Basis, déi et erlaabt, den 10. Juli 2005 zu Lëtzebuerg e Referendum ofzehalen an deem de Wieler säi Jo oder säin Neen ausdrécke kann zu dem Vertrag, deen eng Europäesch Verfassung schafe soll.

De Projet ass den 18. Februar 2005 an der Chamber vun dem Aussen- an Immigrationsminister deposéiert ginn. Déi zoustänneg Chamberskommissioun vun den Institutionen an der Verfassungsrevision huet de Projet den 2. Mäerz diskutéiert an eng Rei Ofännerungen ugeholl, déi deeselwechten Dag un de Statsrot weidergeleet si ginn. Den Avis vum Statsrot vum 22. Mäerz 2005 ass den 23. Mäerz an der zoustänneger Commissioun diskutéiert ginn an de 24. Mäerz 2005 huet déiselwecht Commissioun eestëmmeg de schréftleche Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Diskussioun iwwert de Projet 5443 mengen ech dräi Punkte missen an Erënnung ze ruffen. Éischtens, dass déi politesch Entscheedungen iwwert d'Ofhale vun engem Referendum schonn an de Joren 2003 an 2004 getraff si ginn, dass et eng constitutionnel Basis gëtt, déi ze respektéieren ass, dass d'Rahmbedingungen iwwert d'Ofhale vum Referendum an dem Gesetz vum 4. Februar 2005 festgeluecht sinn.

Déi politesch Entscheidung iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert de Vertrag vun der Europäescher Verfassung ass schonn am Juni 2003 vum Regierungsrat getraff ginn. Et war nämlech no dem europäesche Conseil vu Saloniki vum 19. bis 21. Juni

2003, wou d'Regierung sech dozou ausgeschwat huet fir de Vertragsprojet iwwer eng Europäesch Verfassung engem Referendum ze ënnerwerfen. D'Regierung huet dat Uleies an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 erneniert a confirméiert.

D'Chamber selwer huet de Vorschlag vun der Regierung de 5. August 2004 an enger Motioun, déi eestëmmeg duerch Handoghiewen ugeholl ginn ass, ënnerstëtzt. Si huet gläichzäiteg dozou opgeruff, ee breede politeschen Débat iwwert déi Europäesch Verfassung ze féieren. Déiselwecht Motioun huet de Wonsch ausgedréckt, datt den Datum vum Referendum en accord mat der Chamber soll festgeluecht ginn.

No der politescher Rentrée am Hierscht 2004 sinn d'Parteie sech eens gi fir de Referendum den 10. Juli 2005 ofzehalen. D'Motivatioun fir deen Datum ze wile war engersäits, dass Lëtzebuerg nach bei dem éischte Peloton vu Länner soll derbäi sinn, déi de Vertrag unerkennen, ratifizéieren, an dass derniewent awer den Débat iwwert de Referendum, de Referendum selwer weder während der Lëtzebuerger Présidence nach während der Wahlcampagne zu de Gemengewahle soll stattfannen, sou dass doduerch praktesch nëmmen den Datum vum 10. Juli iwwreg bliwwen ass.

Den zweete Punkt dat ass, de Referendum muss juristesch gesinn an de Kader vum Artikel 51 Paragraph 7 gestallt ginn. De Statsrot huet a sengem Avis vum 18. Januar 2005 déi constitutionnel Bedingungen fir de Referendum rapeléiert. Et sinn dat, dass d'Organisation vum Referendum duerch e spezialt Gesetz muss virgesi sinn, datt nëmmen d'Wieler, déi op de Wahlleschte fir d'Parlamentswahlen ageschriwwen sinn, um Referendum kënnen deelhuelen, dass de Referendum e konsultative Charakter huet an dass den Traité no de Bestëmmunge vun den Artikele 37, Alinea 2, 59 an 114 vun der Verfassung misst gestëmmt ginn.

Wann de Referendum reng juristesch gesinn no de constitutionnellé Bestëmmungen e konsultative Charakter huet, dann ass et awer evident, dass d'Chamber d'Resultat vum Referendum vum 10. Juli 2005 net ignoréiere kann, dass se au contraire dat Resultat respektéiere muss.

D'Chamber soll virum Referendum den Débat iwwert den Traité hei an der Plénière féieren. Et soll een éischte Vote geholl ginn iwwert den Traité an et ass eréischt no dem Referendum wou deen zweete Vote vun der Chamber, dee virgeschriwwen ass nom Artikel 59 vun der Verfassung, soll virgeholl ginn.

Wann d'Wieler an hirer Majoritéit den Traité géifen oflehnen, ech mengen da wier et kloer, dass politesch gesinn och de Wielerwëllen ze respektéiere wier an dass et héchstwahrscheinlech net zu engem zweete Vote an der Chamber komme kéint.

Drëttens, de gesetzleche Kader, deen d'Modalitéite vum Referendum festleet, ass d'Gesetz vum 4. Februar 2005. Ech mengen et wier net noutwendeg fir op d'Modalitéite vun deem Gesetz zrëckzekommen. D'Kommissioun huet awer gemengt, dass een haapt-sächlech eng Dispositioun misst an Erënnung ruffen, dat ass déi, dass eng breet Informatioun iwwert den Traité gemaach misst ginn.

Dat Uleies war schonn am Rapport vun der Commissioun vum Gesetz vum 4. Februar virgedroe ginn. De Conseil d'État huet sech och deem ugeschloss an huet och gemengt, dass déi komplex Matière ausféierlech misst diskutéiert ginn, also dass de Wieler och d'Méiglechkeet hätt, fir sech mat där Matière ofzeginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e lescht Wuert iwwert d'Artikele vum Gesetz. Am Regierungstext gouf et nach fënnef Artikelen. D'Kommissioun vun den Institutionen a vun der Verfassungsännerung an och de Statsrot waren der Meinung, dass et iwwerflësseg wär, all déi Bestëmmungen, déi schonn am Gesetz vum 4. Februar 2005 enthalen wieren, nach eng Kéier an dat heite Gesetz anzeschreiwen. Duerfir war souwuel d'Kommissioun wéi och de Statsrot der Meinung, dass ee véier Artikele vum Gesetz kéint sträichen. Dat ass och geschitt, en accord tëschent dem Statsrot an där zoustänneg Kommissioun.

Et bleift also nach een Artikel iwwreg, deen eigentlech dräi Punkten enthält. Dat ass éischtens, den Datum vum 10. Juli wou d'Wieler opgeruff ginn zu de Wahlurnen ze komme fir iwwert de Vertrag vun der Europäescher Verfassung ofzestëmmen. Deen zweeten Alinea ass d'Fro, déi d'Wieler gestallt kréien. Do war et esou, dass d'Kommissioun déi Fro vereinfacht huet par rapport zu deem Text, deen d'Regierung proposéiert hat.

De Conseil d'État huet e bësse méi e komplizéierten Text proposéiert, hat awer als alternativen Text och dee vun der Commissioun zrëckbehalen, an d'Kommissioun ass bei hirem Text bliwwen, dee si an den Amendementer proposéiert hat, wou mir fannen, dass e méi einfach a méi verständlech fir de Wieler ass.

(**M. Laurent Mosar prend la Présidence**)

An deen drëtte Punkt, dat ass den Hiweis an deem heite Gesetz, dass selbstverständlech de Referendum no de Bestëmmunge vum Gesetz vum 4. Februar 2005 ofgehale muss ginn.

D'Kommissioun huet eestëmmeg den Text ugeholl, an ech géif och d'Chamber bieden, deen Text an där Form ze stëmmen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet. Ech selwer géif och heimat den Accord vu menger Partei zu deem doten Text ginn.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Als éischte Riedner ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Colette Flesch** (DP).- Merci, Här President. Als Aleréischte wëilt ech onsem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an him félicitéiere fir déi Aart a Weis wéi en dee Projet - ënner net ëmmer einfache Konditiounen - duerch ons Verfassungskommissioun gelootst huet an et fäerdeg bruecht huet, deen Text hei virun de Plenum ze bréngen, zu deem, mengen ech, mir ons alleguerte kënnen ralliéieren.

Ech ralliéiere mech op jidde Fall deene juristeschen, politeschen an informatiounspolitesche Considératiounen, déi hien elo hei a sengem mëndleche Rapport virgedroen huet, a ganz besonnesch wëll ech ënnersträichen, dass mir als DP der Meinung sinn, dass no engem éischte Vote an der Chamber, wann de Referendum da kënnt, am zweete Vote d'Chamber sech soll op jidde Fall un den Entschied vum Lëtzebuerger Vollek an deem Referendum halen, an dass mir am zweete Vote keng aner Décisioun kënnen huele wéi déi, déi d'Volek gewënscht huet.

Här President, wann ech dem Rapporteur félicitéieren, da gëllen déi Félicitatiounen doudsécher net fir d'Regierung! D'Regierung ass d'Affär vum europäesche Verfassungsreferendum a mengen Aen dräimol falsch ugaangen, groussmäleg, ze spéit a schliesslech op eng schlecht duerschduechten, iwwerflächlech

an onseriö Aart a Weis. An ech erkläre mech dozou.

Éischtens groussmäuleg. Fir d'éischt huet de Statsminister d'Land mat senger Ausso begléckt, hie géing demissionéiere wann d'Verfassung net géing beim Referendum vum Vollek aprouvéiert ginn. Dat schéngt bei him eng Gewunnecht ze ginn, esou Aussoe bei Wahlen ze maa-chen, mä enfin. Hien huet dat an-scheinend d'leschte Woch och op France 2 widderholl.

Här President, d'Vergaangenheet huet bewisen, an dat augenbléck-lecht Trauerspill vun de fran-séische Parteien a Politiker be-weist et eemol méi, wéi geféier-lech et ass, en Amalgame té-schent nationaler Parteipolitik an europäeschem Referendum wë-len hierzustellen! D'Fro, ob den Här Juncker hei zu Lëtzebuerg an der Regierung ass oder net, kann dach net d'Mooss si vun der Zu-kunft vun Europa!

Zweetens ass d'Regierung dat ze spéit ugaangen. Wéi all Parteien an dëser Chamber ausser dem ADR si mir als DP der Meenung, dass d'EU-Bierger, déi esou zahl-reich an onsem Land present sinn, hätte missen un dësem Verfas-sungsreferendum kënnen deel-huelen. Schonn am Oktober 2004 hu mir als DP an der Verfassungs-kommissioun dorop higewisen, dass dat nëmme méiglech wär, wann ons eege Lëtzeburger Ver-fassung géing ofgeännert ginn.

D'Regierung huet net wëlle lau-schteren an huet bis den 8. De-zember gewaart, bis dass se de Statsrot doriwwer konsultéiert huet. Mat dem Resultat wat den 18. Januar 2005 bekannt gouf. Aus enger ganzer Rei vu verfas-sungsrechtlichen Ursaache kën-nen - laut Statsrot a laut Verfas-sung - nëmme Lëtzeburger Wie-ler um europäesche Referendum deelhuele. Mir bedauern dat.

Mä dee Moment war et dunn ze spéit, vu d'Délaie fir eng Verfas-sungsännerung virzehuelen, déi mir iwwregens e bësse méi komplizéiert schéngt wéi ons gréng Kolleegen an den Här Braz dat an hirer Proposition de loi 5436 men-gen. Ech mengen do misst een nach e bëszen dorunner schaffen ier mer zu enger Léisung kom-men, déi effektiv och verfassungs-rechtlech tragbar ass.

Drëttens ass d'Regierung op eng schlecht durchduechten, iwwer-flächlech an onseriö Aart a Weis dëse Problem ugaang. Elo hu mer deem aarmséilege Projet de loi vi-run ons leien, deen den Här Aus-seminister den 18. Februar 2005 déposiert huet. Domadder huet menger Meenung no d'Regierung versot. Souguer an der Madame Delvaux hirem Schoulsystem, wou bekanntlech kee méi kann durch-falen, hätt den Ausseminister fir dës Hausaufgab eng Datz kritt. An ech kommen elo am Detail dorop zrëck.

Ech wëll awer, ier ech dorop aginn, Här President, zum Fong direkt soen, dass mir als Demo-kratesch Partei an als demokra-tesch Fraktioun an dëser Cham-ber dëse Projet de loi, wéi en nei redigiert ginn ass vun der Verfas-sungskommissioun a vum Stats-rot, wäerte stëmmen, genee wéi mir och de Projet de loi iwwert d'Approbatoun vum Traité zu en-ger Europäescher Verfassung stëmmen. Mir sinn absolut déci-déiert an där Fro, ons Responsa-bilitéite vis-à-vis vun Land a vis-à-vis vun Europa wahrzehuelen, och wann d'Regierung an dësem éischte Schrëtt, deen ons op de Wee vum Verfassungsreferendum soll bréngen, an onsen Ae versot huet.

Wat reprochéiere mir deem Projet, deen haut virun ons läit an dee mer haut diskutéieren?

Här President, et muss ee sech wirkleech froen, ob d'Regierung an den Ausseminister sech Re-chenschaft ofgeluecht hunn, wéi

onzoulängelech deen Text ass, dee mer virgeluecht kruten. Sécher-lech ass deen Text, dee mer hei an der Chamber den 20. Januar 2005 gestëmmt hunn, an aus deem d'Gesetz vum 4. Februar 2005 ginn ass, also d'Kaderge-setz zu engem nationale Referen-dum, am Statsminister sengem Gaart gewuess an net am Ausse-minister sengem Gaart.

Nach muss ee sech froen, ob den Ausseminister, deen ons elo dë-sen Text virgeluecht huet, deen Text vum 4. Februar gelies hat, a wann en e gelies hat, ob e ge-mierkt huet wat drastoung. An ech erkläre mech. An ech géing dobäi soen, dass et ons schéngt, dass déi léns Hand vun enger Regie-rung awer eigentlech och misst wëssen, wat déi rechts Hand mécht.

(Interruption)

Ech ginn elo op eenzel Punkten an.

Den Artikel 1 vum Regierungspro-jet, deen ons hei virläit, iwwerhëlt d'Definitiou vum Projet de loi esou wéi en am Libellé vum Projet steet. De Conseil d'État ass der Meenung, dass den Artikel 1 „sur-abondant“ ass a ka suppriméiert ginn.

Den Artikel 2 Alinea 2 seet, dass d'Wieler mat Jo oder mat Nee sol-len äntwerten. De Conseil d'État weist drop hin, dass am Artikel 28 vum Gesetz vum 4. Februar genee dat steet, an dass een also an dë-sem Gesetzestext deen Artikel soll sträichen.

Den Alinea 3 vum selwechten Arti-kel gesäit vir, dass de Statsminis-ter d'Bulletin-de-voten drécke léisst. Dat ass scho virgesinn am Artikel 27 vum Kadergesetz vum 4. Februar 2005. Laut Conseil d'État soll deen Artikel also sup-priméiert ginn, an d'Kommissioun ass därselwechter Meenung.

Den Artikel 3 definéiert de Corps électoral. De Corps électoral ass definéiert am Artikel 39 vum Ge-setz vum 4. Februar 2005. Laut Conseil d'État ass den Artikel also „superfétatoire“ a soll gestrach ginn.

Den Artikel 4 gesäit vir, dass de Vote obligatoresch ass, wat, wéi mer all wëssen, weinstens mir al-leguerten heibannen, den Artikel 37 vum Gesetz vum 4. Februar 2005 virgesäit. Laut dem Conseil d'État ass also den Artikel 4 „re-dondant“ a soll suppriméiert ginn.

„Surabondant“, „superfétatoire“, „redondant“: Den Ausseminister, vun Haus aus Jurist, laang Mem-ber vun dësem Haus a vu senger Kommissioun vun den Institutio-nen a vun der Révision constitu-tionnelle, misst wëssen, schéngt et ons, dass et ëmmer de mau-voie méthode législative ass, an neien Texter Dispositiounen ze ré-pétéieren, déi schonn an engem aneren Text stinn.

Mä et kënn nach méi schlëmm! Den Auteur vum Projet de loi schéngt manifestement net ge-wosst ze hunn, dass den Artikel 26 vum Kadergesetz vum 4. Fe-bruar 2005 e Renvoi gemaach huet, fir d'Composition vun de Bu-reaux de vote, op den Artikel 60 vum Wahlgesetz. Deen Artikel 60 gesäit vir, dass de President vum Haaptwahlbüro vun der Circons-cription unique d'Bureau-de-voté weinstens eelef Woche virun dem Datum vun der Consultation élec-torale muss constituéieren.

Wat dorop erauskënnt, Här Presi-dent, dass de Referendum, dee jo virgesinn ass den 10. Juli, wann dee soll kënnen stattfannen, da muss dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, de 24. Abrëll 2005 a Kraaft sinn, an da muss et spëts-tens mëttwochs, den 20. Abrëll am Mémorial publizéiert sinn, soss si mer net an der Lag, d'Délaien an-zehalen.

Et ass d'Verfassungskommissioun a ganz besonnesch hire Rapport-eur, déi op dee Problem higewi-

sen hunn an d'Regierung drop op-mierksam gemaach hunn. Dunn ass eng gewësse Panikstëmmung an der Regierung entstanen an e Brëif vun der Secrétaire d'État aux relations avec le Parlement ass un de Conseil d'État geschriwwé gi fir drop hinzewiesen, dass hei eng aussergewéinlech Urgence géif bestoen. An et ass och dat wat obligéiert huet, dass de Conseil d'État engersäits an d'Chamber anerersäits hu missen den Hoch-stand drécken, fir dass dëse Pro-jet kann haut hei gestëmmt ginn, an dass mer dann déi Délaie kën-nen anhalen, fir dass effektiv den 10. Juli dee Referendum ka statt-fannen.

Also et deet mer Leed, mä et schéngt mer awer e bëszen u Vir-siicht vun der Regierung an dëser Fro gefeelt ze hunn.

Den Ausseminister schéngt och eng approximativ Approche zu der Sprooch an zu de Sproochen ze hunn.

■ Une voix.- Schéi formuléiert!

(Interruptions)

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- En huet zum Beispill am Gesetz proposéiert, mir sollen d'Fro formuléieren: „Êtes-vous pour le Traité établissant une Constitution pour l'Europe?“ Här President, dat ass e Luxembourgeoissem. Kor-rekt muss dat heeschen: „Êtes-vous en faveur“. Sou wéi d'Kom-missiouen et iwwregens gesot huet.

Mä wat nach méi iwwerraschend ass, dat ass dass d'Iwwersetzung da vun där Fro am Text, deen d'Regierung virgeluecht huet, am Lëtzebuergeschen an am Däit-schen, an zur Form, an zum Fong falsch läit, well wa gesot gëtt „Êtes-vous pour“, da gëtt dat iwwersat „Stëmmt Dir fir“. Dat hees-cht eppes anescht. An op Däitsch heescht et d'selwecht „Stimmen Sie für“. Dat heescht eppes anescht wéi d'Fro, déi am Fran-séische formuléiert ginn ass. Also „ce qui se conçoit bien, s'exprime clairement et les mots pour le dire se trouvent aisément“.

(Hilarité)

■ Plusieurs voix.- Ooohhh!

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- D'Verfassungskommissioun huet eng einfach Formulatioun pro-poséiert,...

■ **M. Jean Asselborn, Minis-tre des Affaires étrangères et de l'Immigration.**- Ass déi besser?

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- ...identesch, Här Minister an Här President,...

(Interruption)

...an den dräi Sproochen: „Êtes-vous en faveur du traité“, „Sidd Dir fir den Traité“, „Sind Sie für den Vertrag“. Wéi de Rapporteur et scho gesot huet, wëll ech och hei ervirhiewen, dass de Conseil d'État eng Formulatioun propo-séiert huet, déi juristesch wahr-scheinlech méi prezis war: „Êtes-vous en faveur de l'approbation par le Luxembourg du traité?“

D'Kommissioun war de juriste-schen Argumenter vum Conseil d'État net entgéintgesat a mir och net, mä mir hunn awer alt ge-mengt, dass et der Einfachheet halber besser wär, wa mer déi For-mulatioun géinge festhalen, déi d'Verfassungskommissioun pro-poséiert huet.

Dann, Här President, e leschte Punkt, ech géing soen, à titre anecdotique. Den Auteur vum Pro-jet de loi schéngt emol net am Stand gewiescht ze sinn, d'Vir-la-gen aus dem Gesetz vum 4. Fe-bruar 2005 korrekt ofzeschreiwen, well wa mer de Projet kucken, dee

virun ons läit, da sinn an der An-nex 1 vu sengem Projet déi Ca-sen, déi fir de Jo an den Nee re-servéiert sinn, intervertéiert ginn. An et gëtt guer keng Explikatioun dozou.

(Interruption)

Wann de Minister hätt wëllen eppes do erreechen a bewegen, dann hätt e weinstens misse soe woufir. En huet dat net gesot, also muss ech dovunner ausgoen, dass en emol net gemierkt hat, dass en eppes anescht propo-séiert huet wéi dat, wat am Gesetz vum 4. Februar 2005 stoung.

Här President, compte tenu vun all deenen Incohérences an Incon-gruitéiten hunn de Statsrot an d'Verfassungskommissioun aus der Chamber proposéiert, de Pro-jet vun der Regierung fundamen-tal émkrempelen. Vun engem Projet mat fënnef Artikelen an en-ger Annex gëtt et e Projet mat en-gem eenzegen Artikel, wou den Datum vum Referendum virgesinn ass, wou eng kloer Froestellung zrëckbehalde ginn ass, identesch an deenen dräi Sproochen, a wou selbstverständlech eng Referenz gemaach gëtt op d'Gesetz vum 4. Februar, a wou schliesslech d'An-nex, déi, wann ech géing d'Termi-nologie vum Statsrot iwwerhuelen, „surabondante, superfétatoire“ a „redondante“ ass, gestrach gëtt.

De Projet, esou wéi en elo nei for-muléiert ass, vun der Verfas-sungskommissioun a vum Stats-rot, fënnnt onsen Accord. Mä mir kënnen nëmmen hoffen, dass no deem ongléckséilegen Essai, deen d'Regierung hei gemaach huet fir an d'Referendumsproce-dur anzesteigen, se op hir Féiss zrëckfënnt, oder op hir Patten - ech weess net wéi ech soll soen - an dass se mat e bësse méi Seriö a Clairvoyance op déi Campagne d'information zougeet iwwert d'Constitution fir Europa.

A ganz besonnesch géing ech hoffen, dass dat wat an Zukunft vun der Regierung kënn e bësse méi Substanz huet, wéi deen aarmséilege Wësch, dee mer bis elo an onse Brëfkëschte fonnt hunn, well heimadder fänkt ee wirkleech net vill un.

Här President, esou wéi ech et scho gesot hunn, ass ons Frak-tioun bereet deen ëmgekrempe-lten Text ze stëmmen. Mir wäerten och bei engem nächste Vote en faveur vum Projet de loi stëmmen iwwert d'Approbatoun vum Traité zu enger Europäescher Constitu-tioun, a mir wäerten och an där Campagne, déi elo lassgeet, fir e Jo beim Referendum ons asetzen, well onser Meenung no déi Eu-ropäesch Constitution wéi se elo virläit, an obschonn se net perfekt ass, e Fortschrëtt ass an deem Prozess vun der europäescher In-tegratioun, déi säit 50 Joer un-dauert, an déi Constitution och eng reell Amélioratioun ass vun den Texter, esou wéi se elo sinn.

Haut ass d'Europäesch Unioun paralyséiert, doduerch dass se muss Regeln a Mechanisme ge-brauchen, déi an de 50er Joren definéiert si ginn, fir eng Commu-nauté zu sechs, an elo si mir eng Unioun zu 25. Déi Mechanisme sinn an de successiven Traitéen ëmmer erëm iwwerholl ginn, y compris an deem vum Nice, dee wahrscheinlech deen onzouläng-lechste vun en alleguerten ass.

Déi Constitution, déi dem Refe-rendum vum 10. Juli virläit, ass eng Äntwert op déi do Onzouläng-lechkeeten. Si huet en éischten Deel, deen d'Valeuren an d'poli-tesch sozial an ëmweltpolitesch Objekte vun der Unioun festleet, déi eng nei institutionell Architek-tur fir d'Unioun opzeechent. Hiren zweeten Deel gëtt der Charte des Droits fondamentaux en obligato-resche Charakter, wat doudsécher eng gutt Saach ass. Den drëten Deel vun der Constitution ass a mengen Aen total onliesbar. Mä dat ass guer net wichteg, well deen drëten Deel iwwerhëlt nëm-

men déi Bestëmmungen aus den Traitéen, déi haut scho gëllen, a versicht déi Bestëmmungen e bëszen ze vereinfachen, ouni dass dodrunner eppes geännert gëtt.

De véierten Deel organiséiert d'Prozedure vun der Revisioun. An anere Wieder, ass d'Constitution en Text, deen ons erméiglecht e Fortschrëtt ze verzeechne bei der Kohärenz vun de Politike vun der Unioun, bei der Modernisatioun vun dem legislative System vun der Unioun, bei der Rationalisa-tioun vun de Prozeduren, bei der Implication, an dat muss ons hei interesséieren, vun den nationale Parlamenter. Dat ass e Fortschrëtt am Sënn vun der Transparenz, vun der Demokratie a vun der Visi-bilitéit vun der Unioun um interna-tionale Plang.

Här President, léif Kolleegen, dat ass d'Ursaach woufir mer haut fir deen Text stëmmen, deen ëmge-krempelt ginn ass, an ech sou-lignéieren dat, vun der Verfas-sungskommissioun a vum Statsrot an deen doduerch zu engem uer-entlechen Text ginn ass. Mir wäerten also deen Text stëmmen, an dat ass och d'Ursaach woufir mer muer fir den Traité stëmmen, deen d'Approbatoun vun der Eu-ropäescher Constitution beinhalt.

Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien

■ **M. le Président.**- Merci der Madame Flesch, an als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo d'Madame Flesch héieren hunn, fält mer en anere franséische Sproch an, „tout ce qui est excessif est dérisoire“. Ech mengen, dass effektiv mat alle Reserven a Kritiken, déi ee ka for-muléieren, d'Geballtheet vun der Kritik hei eigentlech dispropor-tionéiert ass zu deem wat dem Re-gierungstext virgeworf gëtt. Ech géif herno nach am Detail gären dorobber zrëckkommen.

(Interruption)

Ech mengen awer, dass mer et eigentlech jo hei mat engem histo-resche Moment an dëser Chamber ze dinn hunn, well et fir d'éischt ass zënter 68 Joer, dass d'Chamber um Punkt ass ze décidéiere fir d'Wieler direkt iwwer eng Fro vu grousssem nationalen Intérêt ëm hir Meenung ze froen.

Dat ass keng Flucht virun der Ver-antwortung vun der Politik oder vun de gewielte Verrieder. Dat ass an dat därerf och kee verstopptene Plebiszit ginn. Mä dat ass den éier-leche Versuch an enger komplexer, mä essenzieller politescher Fro, déi vun der politescher Unioun hiren Objektiven, hirem Fonctionnement, hire Kompetenzen an de Grond-rechter vun den europäesche Bier-ger de Wieler entscheeden ze loossen. Jo, obwuel et formaljuris-tesch eng Konsultatioun ass, dat heescht ee Referendum mat kon-sultativem Charakter ass, ass et evident, mengen ech, fir all Par-teien hei am Parlament, dass poli-tesch gesinn dat Resultat vun der Wielerbefroung wäert bannend si fir dës Chamber.

Als LSAP sti mir zu dëser Referen-dumsprozedur, déi mir sengerzäit als Oppositionspartei gefrot ha-ten. Dat bedeit awer ganz kloer och vun eis, mä och vu villen ane-ren, e grousst Engagement déi nächst Wochen, et ass schonn am-gaang, och e pedagogeschen Ef-fort, dee muss gemaach gi fir eng extrem breet an eng extrem kom-plex Matière, en internationalen Traité vu grousssem Ausmooss, dem Wieler méi no ze bréngen, an dat an enger méiglechst éierlecher a méiglechst vollstänneger Fas-song, an dat soll och kontradikto-resch esou wäit wéi méiglech ge-schéien.

D'Regierung huet hir Campagne virgestallt, d'Chamber huet Initia-tive geholl. Ech géif mer wën-schen, dass mer och d'Zivilgesell-schaft méi staark nach implizéiert géife kréien an déi ganz Virberee-dung vun deem nationale Referen-dum.

Mä virun allem sinn awer och d'po-litesch Parteie gefuerdert, net nēm-men duerch eng Ofstëmmung hei an der Chamber, mä virun allem awer och well se als politesch Par-tei an eisen Aen eng Haaptaufgab hunn, dat heescht zur allgemenger Meenungsbildung vum Bierger bäizedroen. Et ass also selbst-verständlech, dass keng Partei sech do kann der Verantwortung entzéien, a si muss hirer Kärauf-gab, déi politesch Meenungsbil-dung vum Bierger ze fördern, och an där heiter Fro gerecht ginn.

Den Ausgang vun all Referendum ass trotz Sondagen ëmmer offe bis zum Wahldag selwer. An all Wieler soll sech fräi en connaissance de cause kënnen entscheeden iwwert déi Fro, déi em virläit an och sech bewosst si wat d'Konsequenze si vun där Entscheidung. E muss dat kënnen maachen ouni Drock vu baussen. Bis zu dem 10. Juli blei-ven eis nach knapp zwielef Woche fir déi öffentlech Debatt, déi schonn etlech Wochen amgang ass, ze accéléreieren an un e gutt Enn ze bréngen.

Als LSAP setze mir ganz kloer op eng Campagne de proximité. Ver-sammlungen, Tables rondes, Infor-mationsstänn, do wou d'Leit sech ophalen, no bei de Leit, do wou sech och d'Froe gestallt ginn a wou mer probéiere wäerten als Partei eis Äntwerten ze ginn.

Nom Ofweie vum Pro a Kontra op eisem Landeskongress dee leschte Mount hu mer als Partei mat grousser Majoritéit eis fir ee Jo zu deem Traité constitutionnel aus-geschwat, a mir wënschen et, dass deem Traité constitutionnel den 10. Juli och vun enger grousser Majori-téit vun de Wieler guttgeheesch-t gëtt, well e ganz einfach eng Plus-value duerstellt a ganz ville Bräi-cher par rapport zu deem gelten-den europäesche Recht.

Lëtzebuerg ass net dat eenzegt Land iwwregens wat sech op de Wee vum Referendum begeet, fir déi dote wichteg Matière tranchéi-eren ze loossen. Spuenien huet et scho gemaach, als nächst sti Refe-renden un a Frankräich, an Hol-land, an Dänemark, a Portugal, an Irland, an England, a wéi et schéngt géif et op deemselwechte Wee och tranchéiert ginn a Polen an an der Tschechescher Republik. Insgesamt zéng vu 25 eu-ropäesche Staten hu sech also dé-cidéiert fir net de parlamenta-resche Wee ze goen, mä fir eigent-lech d'Haaptgewicht op d'Consul-tation populaire, op de Referen-dum ze leeën.

Ech mengen, dass mer als Lëtze-buerg richtig sinn, dass mer den dote Wee amgang sinn ze be-schreiden. Mir maachen dat am Kader vun eiser eegener legislati-ver Prozedur, déi e bëssen aty-pesch ass, well se eigentlech op-gebaut ass, wann een d'Texter kuckt vun der Verfassung a beson-nesch och den Artikel 59, op zwee Voten, déi misste bei all Gesetzes-projet hei an der Chamber stattfan-nen, et sief dann de Conseil d'État gëtt d'Dispens vun deem zweete Vote constitutionnel.

Abee, et ass déi Prozedur, déi eigentlech hei applizéiert gëtt, mat engem éischte Vote hei an der Chamber, dann de Referendum an duerno den zweete Vote vun där-selwechter Chamber, deem natier-lech dem Resultat vum Referen-dum Rechnung ze droen huet.

Dat ass e Wee, dee wéineg Län-ner beschreiden. Et gëtt vill Län-ner, déi eng Kombinatioun maache vun dem parlamenta-resche Wee an dem Referendum, mä eigentlech - souwäit ech dat gesinn - kee Land wat zweemol d'Chamber mat implizéiert an dat

Ganz. Mä dat ergëtt sech aus eise Prozeduren, an ech mengen et ass och wichtig fir dass all poli-tesch Parteien, all politesch Bewe-gungen, Gruppéierunge sollte kloer Faarf bekenne virun deem Referendum fir ze soen, wou se an enger essenzieller politescher Fro stinn a wat hir Meenung zu där do-ter Fro ass.

An deem heite Projet de loi ginn eigentlech nëmmen zwou Froen tranchéiert. De Rapporteur huet dat ervirgehuewen, deem ech och bei där Geleeënheet wëll félicitéie-re fir déi gutt Aarbecht, déi e ge-leeschst huet. Dat ass den Datum an et ass d'Fro, déi gestallt gëtt. Dat si wichteg Froen! All de Rescht gëtt geregelt iwwert dat allgemengt Gesetz vum 4. Fe-bruar 2005 iwwert de Referen-dum.

D'Madame Flesch huet sech hei a ganz haarde Wierder geäussert zu där Aarbecht, déi vu Regierung-säit gemaach ginn ass. Ech wëll awer vläicht do e Wuert vun Expli-katioun ginn. Ech verstinn, dass eng Regierung, dass Beamten, déi un esou engem Text schaffen am Numm vun der Regierung, net onbedéngt wollten hei en Eenarti-kelprojekt deponéieren.

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- Do hutt Der Recht.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wou ass Recht a wou ass Onrecht an deenen dote Froen? Si hunn deem Text étofféiert duerch eng Rei Re-gelen, déi deem entspieche wat an deem allgemenge Gesetz steet, déi awer net kontradikto-resch zu deem Text sinn!

An d'Madame Flesch huet hei an-dauernd Zitater beméit vum Avis vum Conseil d'État. Ech wëllt soen, dass net eng Opposition for-melle am Avis vum Conseil d'État dran ass!

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- Wat hätt Der nach gär?

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wéi vill Texter sinn et ginn, vun alle Re-gierungen, och an deene Regie-rungen, wou d'Madame Flesch di-rekt Responsabilitéit hat, wou de Conseil d'État Opposition, a méi wéi eng Opposition formelle for-muléiert huet? Abee, hei ass net eng Opposition formelle vum Con-seil d'État dran, en huet eng aner Approche zu der Matière gehat.

D'Regierung hat eng Approche fir eng Rei vu wesentleche Punkten nach eng kéier ze rappeléieren an hirem Text, de Conseil d'État hat eng Approche fir net ze wider-huelen, mä einfach dat Neit just nach am Text selwer vum Gesetz stoen ze loossen, an där Ap-proche huet sech d'Kommissioun vun den Institutiounen och uge-schloss. Mä deem anere Wee ass keng Häresie an et gëtt och Bei-spiller aus aneren Texter, wou schonn déi eng oder déi aner Wid-derhuelung gemaach ginn ass.

Wichtig ass, dass keng Kontra-diktioun an Texter besteet. Fir mech ass et eng zweetrangeg Fro ob een eenzel wichteg Disposi-tiounen eventuell och nach an en-gem zweeten Text widerhëlt, esou dass ech mengen, dass hei probéiert ginn ass, aus enger Méck en Elefant ze maachen, an dass all déi Reprochen net esou grave sinn, wéi d'Madame Flesch dat hei mat kräftege Wierder ver-sicht huet duerststellen.

Wichtig ass et awer bei där Ge-leeënheet nach eng kéier e puer essenziell Froen ze rappeléieren, déi effektiv och net méi am Text stinn, wou d'Leit sech awer do-baussen och déi lescht Woche scho Froe gestallt hunn, mä wéi ass et dann elo, a wou se alt emol an offizielle Stellen, op Gemenge geäntwert kritt hunn: Majo, den Text ass nach net do, mir kënnen lech do keng Äntwert ginn.

Or, all déi praktesch Froen, déi sinn effektiv schonn tranchéiert iw-vert deem allgemengen Text vum

4. Februar 2005. D'Wahlpflicht, d'praktesch Organisatioun vun de Wahlen, och déi wichtig Fro, wou d'Leit elo scho kommen, déi vun der Bréifwahl: Ass eng Bréifwahl méiglech, ass keng Bréifwahl méiglech? Do gëtt eng Referenz gemaach op den allgemengen Text iwwert d'Bréifwahl an do gël-len also d'Bestëmmunge vum Arti-kel 171 vun eisem Wahlgesetz, wou fréistens zéng Wochen a spéitstens 30 Deeg viru Wahle muss déi Bréifwahl ugefrot ginn.

Dat heescht an net allze laanger Zäit, an zwou Wochen Zäit kënnen d'Leit eigentlech scho bei de Ge-mengen d'Bréifwahl ufroe bis spéitstens 30 Deeg virun de Wah-len, wou se also e bësse Sputt hunn. Dat ass, mengen ech, eng wichteg Informatioun, déi net am Text steet, mä déi een awer hei sollt ginn, well dat sech aus an-eren Texter ergëtt.

Mir géifen als Fraktioun och d'Re-gierung bieten - et ass éischter eng Responsabilitéit direkt vum Innenminister, mä ech gi se hei awer gären un den Ausseminister weider -, dass elo schnellstméig-lech sollt eng Circulaire un d'Ge-mengen erausgoen, fir dass déi zoustänneg Gemeindeverwaltun-gen, déi mat Froe vun de Bierger elo wäerte konfrontéiert ginn, kë-nnen am Detail op déi eenzel prak-tesch Froen eng Äntwert ginn, déi sech am Zusammenhang mat der Organisatioun vun deem heite Re-ferendum stellen. Et ass wichteg, dass dat wierklech an deenen nächsten eng, zwou Woche ge-schitt, fir dass do net weider Zäit verluer geet an Onsécherheet opkënn.

Ech géif zum Schluss nach just de Wunsch äusseren, dass an där öf-fentlecher Debatt vun deenen nächste Wochen zum Referendum an zum Traité constitutionnel all Meenungen zum Droe kommen, dat besonnesch och an der offi-zieller Campagne, woubäi natier-lech de politesche Kräfteverhält-nisser an deser Chamber muss Rechnung gedroe ginn. Dat gesot, géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem heiten Text abréngen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bodry Merci. Als nächste Riedner ass den Här Felix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Felix Braz (DÉ GRÉNG).**- Här President, et sinn de Mëtte scho munch Kritik for-muléiert ginn, net nëmmen um initiale Projet de loi, mä och un aneren Aspekter, an et wär ee bal tentéiert ze soen: Zu Lëtzebuerg hu mer scho laang kee Referen-dum méi gemaach an dat mierkt een och.

(Interruptions diverses et hila-rité)

■ **Une voix.**- Keen nationaalt!

■ **M. Felix Braz (DÉ GRÉNG).**- Keen nationaalt.

Mä de Geck an den Eck, dëst Ge-setz schléisst u sech dee proze-duralen Deel vum Referendum vum 10. Juli of. D'Chamber wäert jo nach befaasst gi mat der Fro vum Referendum, mä da geet et méi ëm den Inhalt vum Traité constitutionnel. Mir schléisste mat dësem Text, dee mer haut ofstëm-men, och déi Diskussiounen of, déi mer gefouert hunn am Kader vum Kaderegesetz iwwert de Refe-rendum an haut eben am ad-hoc-Gesetz zum Traité, zum Vote iw-vert den Traité constitutionnel, dee jo den 10. Juli soll stattfannen. Déi positiv Aspekter wëll ech da fir d'éischt eraussträichen.

Éischte positiven Aspekt ass, dass de Referendum definitiv net mat de Gemengewahlen op een Datum fält - och dat war jo eng Zäitchen am Gespréich. Et ass och gutt, dass sech schlussend-lech eng Majoritéit dofir fonnt huet, fir d'Gemengewahle mat den Diskussiounen iwwert den Traité constitutionnel net ze vermë-schen, esou dass also béid Dis-kussiounen an hirer Plénitude kë-ne gefouert ginn. Dat ass eng po-sitiv Entwécklung.

En zweete Punkt, dee mir och be-grëissen, dat ass dass d'Cham-ber, sou wéi eben och eis Verfas-sung dat virgesäit, en éischte Vote muss huelen, wat och de Parteien d'Méiglechkeet gëtt, Faarf ze be-kennen.

Et schéngt jo esou ze sinn, wéi wann net all Parteien dat wëlles hätten. Mir halen dat awer fir ab-solut normal an engem demokra-tesche Prozess, dass Parteien an hir Verrieder par rapport zu hire Wieler eng Meenung anhuelen, Positioun bezéien a kloer soe wat se denken a wéi se sech wäerte beim Referendum verhalten. Och dat ass een Element an der Mee-nungsbildung vun de Bierger, a mir fannen dat dofir och nëmmen normal an och gutt, dass dat am Kader vun dësem Referendum wäert geschéien.

Dann ass et awer och scho bal mat de positive Punkten eriwuer. Well wann een dann awer déi ganz Aarbecht vun der Regierung nach eng kéier Revue passéiere léisst, am Kader vun den Disku-siounen iwwert de Referendum, muss een awer soen, dass d'Re-gierung hei zumindest vum Hand-wierkleche ganz, ganz schwach, ganz mangelhaft geschafft huet.

Ech fänken u bei der Fro vun der Participatioun vun den net Lëtze-buerger EU-Bierger hei vu Lëtze-buerg. D'Regierung huet dat ugekënnegt, an et muss een am Prinzip an am Normalfall kënnen dovun ausgoen, wann eng Regie-rung esou eng Ukënnegung mécht, dass se dann och weess, dass se d'Moyenen huet vun hirer Meenung, an dass se weess, dass se dat och wäert kënnen zu Enn brénge wat se ugekënnegt huet. Dat war net de Fall. Dat ass be-dauerlech.

(Interruption)

Mir hu mat där Konkusioun, déi schlussendlech huet misse gezu ginn, e groussen Deel vun de Leit, déi hei wunnen, ausgeschloss. Ech mengen déi meescht Parteie bedauern dat. Mir hunn dofir als Gréng - d'Madame Flesch ass och kuerz drop agaangen - an deem Sënn en Text op den Dësch ge-luecht, deem net d'Prétentioun huet, dass en op all de Kommae perfekt wier, loin de là. Dat kann d'Regierung jo emol net vu sech behaapte wa se en Text op den Dësch leet. Mir hunn déi Préten-tioun och net.

Mir wollte mat deem Text awer d'Diskussioun ganz séier ustous-sen, fir dass mer hoffentlech ganz rapid zu engem Text kommen, deem dann all de kriteschen Ap-préciatiounen standhält an dee mer hei kënnen stëmmen, fir dass dat, wat sech do ofgespillt huet, sech an Zukunft net méi kann nach eng kéier widerhuelen.

Zweete Punkt ass dee vun der Ou-verture vun de Wielerlëschten. Do wëll ech awer och nach eng kéier drop agoen, well dat Stéchwuert de Mëtten nach net erwähnt ginn ass. Och do wär et gutt ge-wiescht, wann dat wat gesot ginn ass - deelweis och vum Grand-Duc gesot ginn ass - hätt kënnen Realitéit ginn. Eng Ouverture oder eng nei Revisioun vun de Wieler-lëschten hätt et erlaabt, och nach eng kéier eng ganz Partie Uniounsbieter mat zouzeloos-sen, wa mer dann do d'Aussoe vun der Regierung hätte kënnen ëmsetzen.

Och dat ass net geschitt, och dat ass bedauerlech, a mir fannen,

dass do d'Regierung misst eng Léier draus zéien an am Kader vun de kommunale Gesetzgebun-gen d'Revisioun vun de Wieler-lëschten op de Metier huelen, well do hu mer eng Prozedur, déi kom-plett „surannée“ ass. Et ass net méi normal, am Joer 2005, dass ee muss mat Wielerlëschten han-téiere bei Wahlen, déi 18 Méint al sinn. Dat dréit a kengster Weis der Entwécklung vun der Technologie Rechnung, dat ass einfach iwwer-lieft, an dat soll eng vun de Léiere si vun deser dach handwierklech relativ dürfteger Aarbecht, déi d'Regierung ofgeluecht huet.

Drëtte Punkt ass den Text selwer, d'Madame Flesch huet dee Pro-bleme do schonn ënner all senge Couturé belicht, ech ka mech do-fir drop beschränken ze soen, dass deem Text effektiv kee gud-den Text war, ob et elo den Här Asselborn dat perséinlech ge-schriwwen huet, dat bezweifelen ech éischter, mä ech denken, tatt et awer stëmmt, dass deem Text, esou wéi e formuléiert war, kee gudden Text war. En huet sech nahtlos an dat agereit, wat d'Re-gierung am Kader vum Dossier Referendum Opweises huet, an dat ass net ganz vill. Den Text huet gepasst bei dee Patzer mat der Revisioun vun de Wielerlëschte fir de Grand-Duc a bei déi ganz be-dauerlech Entwécklung, dass schlussendlech d'Uniounsbieter net konnte matmaachen.

Also ënnert dem Stréch, vun der Absicht hier, géing ech soen, ass et begrëssenswäert, vun der Ëm-setzung dovunner absolut man-gelhaft.

Ofschléissend nach e puer Wuert zu der Informatiounspolitik. Ech kann dat wat den Här Bodry gesot huet nëmme confirméieren. Déi Leit, déi och an de Gemengen ak-tiv sinn, wëssen, dass d'Leit effek-tiv vill där do Froe stellen. D'Infor-matiounen sinn deelweis nach net bis an d'Gemenge virgedrongen: Wéi ass et mat der Bréifwahl? Wéi ass et mat der Wahlpflicht?

Och den Inhalt vun der Informa-tionscampagne vun der Regie-rung léisst am Moment nach ganz staark ze wënschen iwwreg. Ech hunn éischter d'Gefill, dass d'Chamber amgangen ass hir Aarbecht hei seriö ze maachen, si mécht dat wat an hire Kompeten-ze läit a wat hire Rôle ass. Dat kann ee vun der Informatiouns-campagne vun der Regierung net behaupten, weder den Inhalt nach den Zäitpunkt an d'Diligence mat där se ausgefouert gëtt sinn ze wierdegen. Éischter de Contraire ass de Fall.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ofschléissend och nach ee Wuert zum Respekt, dee mer eis alle-guerten engagéiert hunn ze ac-cordéieren zum Ausgang vum Re-ferendum. Mir huele selbst-verständlech hei e premier vote constitutionnel a mir respektéieren den Ausgang vum Referendum hei zu Lëtzebuerg. An ech deelen och d'Meenung vun deenen, déi fannen, dass dee Vote hei zu Lët-zebuerg net acquis ass. Dee wäert net vum selwe positiv aus-goen. Déi, déi sech fir den Traité ausgeschwat hunn, sinn an de-enen nächste Wochen a Méint ge-fuerdert fir den Enjeu vun deem Text de Leit kloerzemaachen, esou dass mer duerno net müssen de Constat maachen, dass Lëtze-buerg bei deem Text mat Nee gestëmmt huet.

Ee lescht Wuert och un d'Adress vum Statsminister, deem seng At-titüd ech nëmme ka kritiséieren. Säi politescht Schicksal un den Ausgang vum Referendum ze bannen, fannen ech eng Aart a Weis, déi zumindest net clever ass. Wann d'Leit sech erpresst fillen, da reagéieren se och deem-entsprechend. Ech fannen et och iwwerdrifwen, e perséinlecht Schicksal un esou en Enjeu, wéi d'Entwécklung vun der europä-escher Konstruktioun, wëllen ze

bannen. Dat hätt e besser gehat ze ënnerloossen; en huet et net gemaach. Et ass evident, dass wann de Referendum sollt mat Nee ausgoen, politesch Konklusione misste gezu ginn. Do wäre vill politesch Froe gestallt an déi géinge bái Wäitem dat perséinlecht Schicksal vum Statsminister dépasséieren. Déi Ausso hätt en also besser gehat sinn ze loossen.

Mat deene leschte Remarque bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Dir Damen an Dir Hären, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Den Här Henckes war nach net un der Rei.

(*Brouhaha général*)

■ **M. le Président.**- Oh pardon! Entschëllegt, Här Henckes.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, et ass léif, datt Der deene klenge Fraktiounen och nach d'Wuert gitt. Merci, Här President.

Als ADR, als Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtegkeet, hu mir ëmmer eng grouss Prioritéit e groussen Akzent gesat op méi Demokratie, datt heescht op d'Méiglechkeet fir Referenden an eisem Land ofzehalen. An dofir si mer frou, dass d'Iddi selwer vum Referendum lues a lues hire Wee gemaach huet an elo hir Friichten dréit.

Ech wëll drun erënneren, dass mir den 13. Februar 2003 eng Motioun hei an der Chamber deponéiert hate fir e Referendum iwwert den Traité constitutionnel ofzehalen. Deen Ablack ware mir déi eenzeg Partei, déi dës Motioun gedroen huet. All aner Parteien hunn unisono géint de Referendum geschwat a géint ons Motioun gestëmmt. Lues a lues huet ons Iddi awer bei de meeschte Parteie Sympathie fonnt, se ass méi sympathesch ginn a mir konnte feststellen, datt et schlussendlech op eng Unanimitéit débouchéiert huet.

Haut soll nun d'Gesetz iwwert de Referendum zum Traité constitutionnel Realitéit ginn, an dat ass en historesche Moment, well mer esou laang scho kee Referendum haten. Ech hunn dem Rapporteur mat ganz vill Intérêt nogelauschtert an ech soen him och e ganz grouss Merci als President an als Rapporteur fir déi gutt Aarbecht, déi en op dësem Gebitt vum Referendum mécht.

Ech wëll him awer och soen, an ech répétiere mech do, datt ech awer mat enger Ausleeung, déi e mécht, net d'accord sinn, an dat ass déi, datt ons Constitutioun géing festhalen, datt de Referendum misst konsultativ sinn an net décisionnel an net e legislative Charakter huet.

Ech wëll den Artikel vun onser Constitutioun, den Artikel 51(7), nach eng Kéier virlesen, dee seet: «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer» - an et geet ëm d'Wuert „se prononcer” - «par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.» A wat heescht nun „se prononcer”? An den Ae vum Conseil d'État an och vun deene meeschte Parteien heibanen, heescht dat, datt d'Leit musse un engem Referendum deelhuele, well mer d'Wahlflucht hunn, mä dass herno, esouguer wann eng Majoritéit vun de Leit sech géint de Referendum, géint déi Fro, déi gestallt ass, géing ausschwätzen, da kéint d'Chamber awer anescht maache wéi dat wat d'Vollek, wat d'Bierger gewollt hunn; dat heescht e konsultative Referendum ofhalen.

Jidderee weess, datt dat vläicht nëmmen an Ausnahmefäll ka geschéien, well et misst jo relativ vill

politesche Courage do si vun deene Deputéierten, déi géint de Wëlle vun der Majoritéit vun de Bierger géinge stëmmen, mä et ass eng Méiglechkeet. Mir mengen au contraire, wann d'Bierger zu engem Referendum erugezu ginn, datt déi Décisioun vum Bierger dann och geholl gëtt an datt déi legislative Charakter huet, an datt dann eng Chamber näischt méi domadder ze dinne huet, wann d'Bierger décidéiert hunn.

Dat ass och d'Situatioun wéi et zum Beispill a Frankräich elo ass, wou an engem grouss Land d'Bierger décidéieren an d'Chamber net an engem éischte Vote sech zu engem Traité ausschwätzt an an engem zweete Vote sech zu engem Referendum ausschwätzt. Ech mengen dat ass déi richtig Demokratie. A wann ee kuckt wat de „Larousse” seet iwwert d'Wuert „se prononcer”, da gesäit een, dass de „Larousse” dräi Possibilitéite virgesäit fir d'Wuert „se prononcer” auszeleeën. Et heescht op jiddfer Fall, ech zitieren: „choisir tel parti; se décider. Se prononcer en faveur d'une mesure fiscale”.

Et ass also kloer, datt wann ee franséisch schwätzt an d'Wuert franséisch ausleet, da kann de Referendum zu Lëtzebuerg décisionnel, décisionnell Charakter hunn, an et muss net esou sinn, wéi de Conseil d'État et seet, datt et just nuren dorëmmer geet, fir eng Meinung ausgedrénken. Dat war gewollt vun deene Leit, déi mat ganz Weisheet ons Constitutioun ausgeschafft hunn.

Dofir bedauern ech, datt elo déi meeschte Parteien hei an der Chamber net wëllen op dee Wee vum Référendum décisionnel goen. Se wëssen och woufir, well se sech soen, hei bei dësem Referendum misst et jo weider keng Schwierigkeet sinn, mä et kéint jo awer emol bei anere Referende sinn, datt et besser wier, datt et konsultativ ass an datt mir als Chamber deen Ablack eppes aneschters décidéieren, wéi dat wat d'Bierger wëllen. Dat ass dat, wat mer falsch maachen.

Zweete Punkt, deen oft an der Debat stoung an de leschte Méint, dat ass: Wien därer um Referendum deelhuele? Wien ass den Électeur? Wann een d'Oppositionsparteien, d'DP an DÉI GRÉNG, héieren huet, da war et, datt niewent de Lëtzebuerger Wierler och nach d'EU-Bierger dru sollte participéieren, déi op de Wierlerlëschten ageschriwwen sinn. Mir hunn direkt als ADR gesot, datt den Artikel 51(7) vun onser Constitutioun virgesäit, datt vun Électeur geschwat gëtt an am Artikel 52 vun onser Constitutioun steet: «Pour être électeur, il faut: 1° être Luxembourgeois ou Luxembourgeoise.» Méi kloer kann een et net soen.

An deem Ablack wou et ëm national Souveränitéitsrechter geet, ass et kloer - an net ëm kommunal Affären oder ëm Wale fir d'Europaparlament -, datt hei muss eng konstitutionell Ännerung virgeholl ginn.

An ech hunn d'Impressioun, datt och d'Regierungsparteien dat dote wossten. A si wossten, datt de Conseil d'État géing nee soen, mä se hu sech alt bei den EU-Bierger virun de Gemengerotswahlen de schéine Männeche maache wollen an hinne soen: Kuckt mol do, mir géingen lech och gärt mat froe kommen. An da gëtt gesot: Oh, wéi kënnt der ons esou eppes zoutrauen, datt mer esou eppes géinge maachen?

Mir mengen et, well et ass méiglech gewiescht, fir iwwert de Wee vun enger Verfassungsännerung den EU-Bierger d'Wahlrecht ze gi fir de Referendum, wann d'Majoritéitsparteien dat dote gewollt hätten.

Et ass kierzlech nach gesot ginn - an ech wëll drun erënneren -, datt mer keng Zäit gehat hätte fir eng

Verfassungsännerung ze maachen. Dat ass falsch, net wouer, well mir hunn eng virgeholl, elo kierzlech justement fir de Referendum iwwert dësen Traité constitutionnel ofhalen ze kënnen! De leschte Mount hu mer eng Verfassungsännerung gestëmmt, déi de 15. Juni zum Droe kënnt. Et wier also ganz gutt méiglech gewiescht, bei därselwechter Geleeënheet eng Réforme constitutionnelle virzehuele, wann dat politesch gewënscht gi wier.

Et ass dat wat ech wëll dénoncéieren, datt een eppes seet an dann net bereet ass, fir esou ze handelen, well ee sech insgesamt hofft, datt een esou vläicht méi e positivt Resultat beim Referendum kéint kréien.

A wat mer elo festhalen, dat ass déi Prozedur, déi mer virgesinn hunn, well mer kee legislative Charakter beim Referendum hunn, an dat ass déi, datt mer elo d'Gesetz iwwert de Referendum décidéieren, datt an enger éischer Lecture de Projet de loi iwwert den Traité constitutionnel soll gestëmmt ginn an datt mer bei där Geleeënheet eng Resolution solle stëmmen, wou d'Chamber sech engagéiert fir d'Resultat vum Referendum unzehuele a mer da kucken, ob et zu enger zweeter Lecture kënnt oder net, jee no deem wéi d'Resultat ass. Et wier villes méi einfach gewiescht, wann ee scho wëllt d'Chamber bannen, datt een deen Ablack e legislativen, en décisionnell Referendum virgesinn hätt.

Dat gesot, wäert awer schlussendlech d'Resultat datselwecht sinn. Datt heescht, datt d'Chamber bereet ass déi Décisioun vum Vollek ze respektéieren an dat wëllt an enger Resolution festhalen. Wann een et komplizéiert ka maachen, kann een et och einfach maachen. D'Prozedur also fir d'Chamber ass, fir et komplizéiert ze maachen. Mä wichteg ass et, datt et zu engem Referendum kënnt, wéi mir als ADR dat scho laang Jore gewënscht hunn an ons dofir agesat hunn, an dofir wäert och d'ADR-Fraktioun Jo zu dësem Projet de loi soen.

(*Interruption*)

■ **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Elo ass d'Debatt ofgeschloss. Fir d'Regierung huet den Här Ausseminister Jean Asselborn d'Wuert.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech hei soen, dass, mengen ech, an där prozeduraler Approche alles gesot ass wat ze soe war. Ech hu mech besonnesch gefreet fir d'Madame Flesch, déi jo scho laang hei an der Chamber ass an déi eng grouss Erfahrung huet, dass se sech nach kann esou um Glacier vum Wesentlechen défouléieren. Dat huet mech wierklech gefreet!

(*Hilarité*)

Bon, den Här Rapporteur, de Paul-Henri Meyers, huet eng wonnerbar Aarbecht gemaach, wéi mer dat gewinnt sinn. Den Alex Bodry huet dat scho gesot, mat där ganzer Kommissioun. Och de Conseil d'État huet gutt geschafft a mir wäerten dann d'nächst Woch och besser schaffen, Madame Flesch.

Sou, ech wollt, wann Der erlaabt, just hei soen, dass mer iwwert den Datum eis eens sinn. Et ass och eng Evidenz fir d'Regierung, dass politesch dat bannend ass, wat d'Lëtzebuerger den 10.07. soen, an ech géif vläicht e puer Wuert dann un lech richten, vläicht aus menger Siicht elo, aus der Siicht vun der Regierung iwwert de Fong vum Referendum.

Fir d'éischt kënnt een eng historesch Approche hunn, op Lëtzebuerg bezunn, an dann awer och d'Nécessitéit e weénege um Ufank vun dësem 21. Jorhonnert aus EU-Siicht. Ee vun de Kritikpunkten, deen een a Saache Referendum vum 10. Juli jo ëmmer erëm héiert, ass deen, dass d'Leit soen, mir wëssen eigentlech net ëm wat dass et geet. Wéi kënne mer eis erëmfannen an deenen honnerten Artikelen do, déi am Traité drastinn? An dann: Brauche mer iwwerhaupt eng EU-Verfassung?

Nun, wann een dat also kuckt an et vergläicht een eigentlech mat deem wat war virun engem hallwe Jorhonnert, wéi Europa sech lues awer sécher déi institutionell Wuerzele ginn huet, deemools ass jo keen op d'Iddi komm, an de 50er Joren, an op de Gedanke komm, weder a Frankräich nach an Italien nach an Däitschland nach an Holland nach an der Belsch nach hei zu Lëtzebuerg, fir elo duerfir e Referendum ofzehalen.

An och '56, an eise President vun der Kommissioun weess dat, den Artikel 49bis, dat ass jo eigentlech dee gréisste konstitutionellen Agrëff, dee mer jee an eiser Verfassung hei gemaach hunn, an deen ass deemools ouni Problemer iwwert d'Bühn gaangen. Nämlech am legislative Beräich, exekutive Beräich am judiciaire Beräich, kënne jo, wéi Der wësst, Attributiounen zäitlech begrenzt ginn, mä déi zäitlech Begrenzung ass iwwerhaupt net definéiert. Dat kënne 50 Joer sinn, et kënnen 100 Joer sinn, et kënne 500 Joer sinn. Dass do eben dann déi Attributiounen kënnen un international Institutiounen iwwerdroe ginn.

Keen huet un ee Referendum deemools geduecht, well et jo evident war, an dass Europa, d'Konstruktioun vun Europa eigentlech ouni jidder Alternativ war. Europa war deemools deen eenzege Wee fir Kricher ze évitéieren a fir och déi ganz Energie, dat ganz Potenzial an den Dängscht vun dem sozialen a vun dem wirtschaftlechen Opschwung vun Europa ze setzen.

Haut soll, no engem hallwe Jorhonnert Europa, d'Iddi fir e Referendum ze organiséieren eigentlech just de Géigendeel bewirken, wat deemools de Fall war. D'EU soll sech och aus dem Lëtzebuerger Vollek eraus en neien Impuls gi loosse fir déi 50 Joer, déi elo kommen.

D'EU ass haut eigentlech esou eng Selbstverständlechkeet gi fir vill Leit, dass een hir Daseinsberechtigung och net méi richtig erkennt. A mengen Aen ass d'Positioun z'ënnermaueren duerch d'Tatsaach, dass zënter Maastricht, an dat sinn elo 13 Joer hier, an do hate mer flott Débaten och hei an dësem Haus, dass do déi politesch Auseanersetzung mat Europa eigentlech nach just um Rand, innenpolitesch gesinn, gefouert gouf. Maastricht war och, dat därerf mer net vergiessen, och fir eis alleguerten heibanen, un éischer Plaz keng europäesch Debatt, mä et war carrément eng innenpolitesch Debatt, wa mer drun denken ëm wat dass et gaangen ass, un éischer Plaz nämlech fir d'Wahlrecht den EU-Bierger bei de Gemengewahlen ze ginn.

Den Euro ass vu ville Leit considéiert ginn als eng zeideg Fruucht, déi méi oder weénege vum selwe vum EU-Bam erofgefall ass, an d'Erweiterung op déi zéng Länner d'lescht Joer ass an der Opinion publique éischer erdroe ginn, wéi se begleet ginn ass.

Also wann Europa an deene leschte 50 Joer eng onëmstridden Noutwendegkeet war, gëtt haut d'Iddi propagéiert, dass heiansdo Europa eng ëmstridden Noutwendegkeet wier. An dat ass archifalsch!

De President Borrell vum Europaparlament huet an engem Artikel ganz richtig gesot: «Le monde n'attendra pas l'Europe.» Ech mengen Europa, mat all senger Diversitéit, senger Denkweis, senger Kultur, senger sozialer Astellung virun allem, ass eigentlech de Géigepol zu deem wat mer vun Amerika gesinn, wat mer och elo vun deene Länner gesinn, déi an der Emergence sinn, wéi China, wéi Indien. Um Globus stellt Europa eng Unitéit duer, oder muss eng duerstellen, a senger Ënnerschiddlechkeet, déi politesch Gewiicht huet.

D'Häerz vun dëser Europäescher Unioun ass a mengen Aen de Kompromëss, oder d'Fäegkeet Kompromësser ze sichen, am Sënn eben och vun där Unitéit an der Verschiddenaartegkeet. Lëtzebuerg huet d'EU viru 50 Joer gebraucht fir dat ze gi wat mer haut sinn, um wirtschaftleche Plang, um soziale Plang, um kulturelle Plang. Nun, zwou Generatiounen méi spéit brauch Lëtzebuerg d'Europäesch Unioun fir seng Zukunft aus der Offensiv, wann ech därerf soen, vu sengem politesche Wierken erauszege-sinn.

Den EU-Verfassungstraité soll net massakréiert gi vu Stëmmungsbiller, déi bewosst d'Leit ierféiere sollen. Et sollt ee gesinn, dass vill Leit Angscht hu virun engem méi groussen Europa, virun engem risegen Europa wat mer haut hu par rapport zu deem Europa wat mer haten an de 50er Joren. Virun engem Europa och, dat muss een zouginn, wou heiansdo massiv Interessekongflikter tëschent de Memberstaten ze léise sinn. Mä à la fin du compte ass dëst Europa ëmmer virukomm, lues awer sécher virukomm, an dobäi ass et Lëtzebuerg net schlecht gaangen.

Ech wëllt ofschléissend, Här President, nach eng Kéier widerhuele, dass d'Europäesch Unioun als Motor de Kompromiss ugesäit, an dass dee Referendum, dee mer virleien hunn, selbstverständlech iwwer een Traité geet, deen och e Kompromiss ass. Deen Traité ass héchstwahrscheinlech net en vigueur fir déi nächst 50 Joer. Et ass en Traité, deen ausgeschafft ginn ass. Dat muss een och de Leit kloer soen. An déi, déi mengen, dass een en einfach géing renégociéieren, wann e géif ofgelehnt ginn, ech weisst net wat een a wou een a wéi een dat kéint fäerdeg bréngen.

Nun, ech wëllt als leschte Saz een Auteur, de Lëtzebuerger Auteur Roland Meyer zitieren, deen e ganz flotte Roman geschriwwen huet iwwert d'Entwécklung vun Europa. Dee Roman ass geduecht fir déi Jugendlech, an als leschte Saz seet en: „Die Entwicklung der EU kannst du dir am besten wie das Erklettern einer langen, sehr hohen Leiter vorstellen. Durch das Aufnehmen der neuen Länder, durch die Versöhnung der einstigen Gegner haben wir ein neues Stockwerk erreicht. Wir stehen sicherer und bequemer hier auf dieser Stelle, etwas besser als vor einigen Jahren noch, können kurz verschlafen und die schöne Aussicht bewundern.“

Doch nun können wir nach oben blicken, neue Visionen entwickeln und langsam und stetig daran arbeiten, dass sie verwirklicht werden. Die Treppe geht weiter, tief einatmen, und dann machen wir uns auf den Weg zu neuen Zielen. Spring auf!” Dat ass e Buch wat sech effektiv un déi jonk Leit adresséiert, ganz interessant ass, an ech hoffen, dass och vill jonk Leit dat liesen a mathëllefen, dass den 10. Juli fir Lëtzebuerg en Erfolleg gëtt.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet definitiv ofge-

schloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5443.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

■ **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weller et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

■ **M. le Président**.- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et also esou décidéiert.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**.- Här President!

■ **M. le Président**.- Här Ausseminister!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**.- Zu deem nächste Projet wollt ech soen, dass d'Verhandlungen um Kierchbiere nach amgaange sinn. Wann Der d'accord wiert, géif ech elo hei bleiwe wann d'Diskussioun géif ugoen, an de Luc Frieden, dee kënnt esou séier erof wéi e ka kommen, fir dann hei säin Accord zu deem Gesetz ze bréngen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President! Mir sinn net ganz begeeschtert vun...

■ **M. le Président**.- Här Henckes!

7. Question préalable de M. Jacques-Yves Henckes

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, ech wollt nach eng Kéier eng Question préalable stellen, gemäss dem Artikel 36(1) vun onsem Reglement. Mir hätte gären als Fraktioun, datt de Ministre compétent hei ass, well justement déi Problematik, déi mer wëllen abordéieren, nämlech déi ob d'Karibikinselen zum Beispill den Accord ginn hunn, ob do Konventiounen gemaach gi sinn, dat heescht ob d'Konditiounen, fir datt d'Direktiv kann den 1. Juli a Kraaft treden, erfüllt sinn oder net.

An dat soll justement elo debatéiert ginn. No mengen Informa-

tiounen ass an der Debatt, fir de Report vun dem Gesetz a vun der Direktiv nach eng Kéier ëm sechs Méint erauszéieren. Dofir wier et awer wichteg, datt mer d'Novellen, datt mer frësch Nouvellë vum Minister géingen héieren, an net datt mer hei debattéieren, e Gesetz unhuelen, wat mer dann nees an aacht Deeg nach eng Kéier mussen änneren.

■ **M. le Président**.- Mä ech denke grad just, Här Henckes, dass mer frësch Nouvellë vum Minister aus dem Conseil héieren, soubal wéi e kënnt. De Moment gi jo grad just déi dote Froen, déi Dir hei soulevéiert, diskutéiert...

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Jo, a wann en net kënnt?

■ **M. le Président**.- ...an ech denke wann e kënnt, da kann en eis dat matdeelen. Den Här Thiel huet d'Wuert gefrot.

■ **M. Lucien Thiel (CSV)**.- Jo, Här President, eng Äntwert op dem Här Henckes säin Awand. De Problem, deen um Kierchbiere ass, huet näischt mat der Karibik ze dinn. Et geet do ëm Interpretatiounen vun der Direktiv a vum Gesetz iwwert déi mir haut guer net ofstëmmen hei. Dat heescht et wäert näischt drun änneren um Gesetz, wat och ëmmer elo um Kierchbiere erauskënnt.

(**Interruptions diverses**)

■ **Une voix**.- Voilà!

■ **Mme Colette Flesch (DP)**.- Oh Gott!

(**Hilarité**)

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, den Ordre du jour gesäit eppes anescht vir! An et ass e Vote virgesinn!

■ **M. le Président**.- Ech gesinn net an, firwat datt mer hei missten zu engem Vote kommen.

(**Interruption**)

Den Här Henckes freet d'Presenz vum Minister. D'Regierung ass jo awer vertrueden. Den Här Asselborn huet gesot, hie géif den Här Budgetsminister vertriebe bis datt deen heihinner kënnt. Dat hu mer oft esou hei am Parlament gemaach, an ech gesinn net an, datt mer doriwwer sollen elo ofstëmmen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Dach, Här President! A menger Question préalable ass en Ajournement gefrot bis datt de Minister hei wier. Méi verlaange mer net.

(**Brouhaha général**)

An doriwwer hu mer d'Méiglechkeet fir ofstëmmen ze loosse. Mä ech wëll awer op jidde Fall soen, datt et wichteg ass, datt de Minister hei ass, och wat d'Interpretatiounsfroen ugeet, well et ass justement doriwwer wou bal d'Halschent vu menger Interventioun wäert goen.

■ **Plusieurs voix**.- Oooohhhh!!!

■ **M. le Président**.- Ech froen dann d'Chamber ob se d'accord ass, dass mer elo géife mat der Diskussioun iwwert de Projet ufänken oder ob mer der Demande vum Här Henckes solle Recht ginn.

Vote

Wien domat d'accord ass, dass mer mat der Diskussioun vum Projet ufänken, dee géif ech bieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

(**Hilarité**)

Ech denken, Här Henckes, Dir kënnt lech selwer vum Resultat iwwerzeegen. Deementspriedend komme mer elo zu dësem Projet.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Meisch, den Här Fayot, den Här

Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

8. 5297 - Projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Lucien Thiel (CSV)**, *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, iwwert dat mer haut hei ze befannen hunn, huet eng laang Geschicht, a wéi Der elo grad nach gemierkt hutt, eng ganz beweegte Geschicht, déi nach laang net eriwier ass, déi och net wäert eriwier si wa mer haut iwwerstanen hunn. Et geet nach weider.

D'Geschicht geet zrëck op d'80er Joren, wéi sech déi deemoleg Gemeinschaft vun den 12 - do ware mer nëmmen zu 12 - dozou duerchgerongen huet, e Schrëtt weider a Richtung Integratioun ze maachen an d'Barrière beim grenzüberschreitende Kapitalverkeier bannent der Communautéit ofzeschaffen. D'Geschicht hat awer e Knet, nämlech deen, datt d'Kapital net iwwerall d'selwecht besteiert gouf, an nach haut net gëtt, an domat d'Gefor bestoung, datt et zu Verzerrungen vun de Konkurrenzbedingungen an domat zu eesäitege Kapitalverlagerungen an deem Bannemaart kënnt kommen.

Am Fréijoer 1989, zwee Joer virum Stéchdatum fir de Start vum fräie Kapitalverkeier, hunn d'Finanzministere sech eng éischte Kéier mat der Fro beschäftegt. Si hu gemengt, wann een eng Quellesteier op de Kapitalrevenuë géif aféieren, déi iwwerall d'selwecht wier, kéint een dem Risiko vun unerwünschten eesäitege Kapitalverlagerungen aus de Féiss goen. Mä déi Léisung war net no jiddferengem sengem Goût. Si kum virun allem net fir den däitsche Finanzminister a Fro, deem säi Virgänger kuerz virdru säin Hutt hat missen huelen, well hie mat enger nationaler Quellesteier op dem Akommes vum Erspuerte bäigelaaf war.

Den zweeten Ulaaf kum datselwecht Joer am Dezember, mir sinn nach ëmmer 1989, wéi de spuenesche Finanzminister zimlech onerwaart - an déi onerwaarte Momenter spillen och eng gewësse Roll an där Geschicht hei - senge Kolleegen am Ecofin eng méi enk Zesummenaarbecht vun de Steierautoritéite proposéiert huet. Do huet natierlech de Lëtzebuerger Vertrieder, an dat war deemools de Premier Jacques Santer, dee fir säi kuerz virdru verongléckte Finanzminister Jean-Claude Juncker agespronge war, d'Ouere gespëtz.

Wat de Spuenier virgeschloen huet, ass nämlech direkt op eng Ofschafung vum Bankgeheimnis erausgelaaf, eng fir Lëtzebuerg onméiglech Virstellung. Folglech huet de Jacques Santer Nee gesot, wat zur Folleg hat, datt de ganze Prozess duerch säi Veto blockéiert gouf, well deemools wéi haut an der Communautéit d'Eestëmmegkeet a Steierfroen erfuerdert war an ass.

Domat hate mer mol einstweilen eis Rou, bis dann 1992 Däitschland opgrond vun engem Uerteel vun hirem Verfassungsgericht

erëm eng Quellesteier agefouert huet a prompt dat ageetratt ass wat virauszegesit war: Virun där Steier sinn déi däitsch Spuerer mat hire Sue fort an d'Ausland gelaaf, ënner anerem och op Lëtzebuerg, wou d'Zuel vun den däitsche Banken sech quasi iwwer Nuecht verduebelt huet.

D'politesch Reaktioun huet net laang op sech waarde gelooss an den Drock op Lëtzebuerg ass lassgaangen. Déi Däitsch hunn natierlech eis Lëtzebuerger d'Schold un där Kapitalflucht ginn, obschonn mir guer näischt gemaach haten. Mä dat ass nun eemol esou, wann ee Groussen et mat engem Klengen ze dinn huet.

1997, ënnert eiser viregter Présidence, huet Lëtzebuerg dovun profitéiert fir den Drock oder d'Loft erauszeloossen. Eise Finanzminister huet de sou genannte Koexistenzkompromëss proposéiert, deen den EU-Membere bei der Besteuerung vun de Kapitalrevenue de Choix tëschent enger Kontrollmatdeelung, also engem Austausch vun Informatiounen tëschent den nationale Steierbüroen, an enger anonymer Quellesteier sollt loosse. De Kompromëss gouf deemools eestëmmeg ugeholl.

Mä éier et zur Ëmsetzung vun deem Kompromëss kum, gouf dee Koexistenzmodell schonn iwwert de Koup geschmiss, an zwar am Juni 2000 um EU-Sommet am portugisesche Feira.

Wat war geschitt? Total onerwaart haten d'Engländer op deem Sommet proposéiert, nëmme méi eng Solutioun gëllen ze loosse, an zwar déi vum Informatiouns-austausch. Dat war wierklech eng Iwwerraschung, well bis dohinner, an nach haut, waren a sinn d'Engländer nach net grad dofir bekannt sech an d'Kaarte vun hirer City kucken ze loosse. Mä vläicht ware si zu London sauer, well se sech net mat hirer Fuerderung duerchgesat kritt haten, datt d'Euroobligatiounen, hiert groust Geschäft, bei der Quellesteier ausgeklammert sollt ginn. Oder si wollte ganz einfach déi europäesch Quellesteier évitéieren, fir och a fiskalescher Hisiicht weider Här doheem am Haus ze bleiwen. An do kenne mer jo déi englesch Mentalitéit.

Wéi och ëmmer. Mat deem englesche Virstouss hat d'Lëtzebuerger Delegatioun zu Feira e seriöse Problem, well all aner Länner, mat Ausnahm vun Eisträich, mä Eisträich war dee Moment net grad dee beschten Alliiéierten, op den engleschen Zuch gespronge sinn a mir domat esou gutt wéi eleng do stoungen. Ënnert der immenser Pressioun blouf eise Vertrieder näischt anescht iwwer wéi sech de Prinzip vun der Kontrollmatdeelung opzwängen ze loosse. Mä awer och nëmmen de Prinzip, well si hunn direkt eng Rei Konditiounen un hir Zoustëmmung gehaangen, déi an der Praxis doerobber erausgelaaf sinn, datt trotz allem bis op Weideres den ale Koexistenzmodell gëlle gelooss gouf.

Et war net esou vill dat Lëtzebuerger Argument, datt eng Kontrollmatdeelung eigentlech soss näischt géif bedeide wéi festhalen un der nationaler Steiersouveränitéit, an domat de Contraire vun enger europäescher Steierharmonisierung, dat déi aner zum Arenke beweegt huet. Et war villméi den Hiweis, datt d'Kontrollmatdeelungen an domat d'Ofschafung vum Bankgeheimnis bannent der Unioun onweigerlech eng massiv Kapitalflucht aus Europa an Drëtlänner géif no sech zéien. An dorënner hätt net nëmmen d'Finanzplaz Lëtzebuerg, mä d'gesamt europäesch Ekonomie ze leiden gehat.

Mat deem Argument huet Lëtzebuerg erreicht, datt d'Alternativ Quellesteier op d'mannst als Iwwergangsléisung zrëckbehalen ginn ass, datt ausdrécklech fest-

gehalen gouf, datt mat Finanzplazen ausserhalb vun der Unioun Accordë getraff misste ginn, fir eng illoyal Steierkonkurrenz ze évitéieren, an datt ähnlech Mesurë géife fir d'Steieroasen agefouert ginn, déi um Gebitt vun der Europäescher Unioun leien, wéi zum Beispill d'Kanalinselen, d'Cayman Islands an d'hollännesch Antillen.

Domat war d'Bankgeheimnis einstweile gerett an d'Gefor vun enger Konkurrenz fir eis Finanzplaz ofgeblockt, déi direkt déidlech fir eis hätt kënne ginn.

Den Accord vu Feira huet trotzdeem fir Opreegung op der Plaz gesuergt, well déi Lëtzebuerger Astuce am Ufank net esou richtig eriwierkomm ass. Am Ausland gouf d'Ofmaachung esou verkaaft, wéi wann elo generell d'Kontrollmatdeelungen ageféiert géifen. Vun deenen dräi Memberländer Eisträich, Belsch a Lëtzebuerg, déi sech nach op der Plaz fir eng Quellesteier decidéiert haten, goung genausou wéineg Rieds, wéi vun deene sëllege Konditiounen, déi un d'Ëmsetzung vum Accord geknäppt gi waren.

An du goung d'Knachenaarbecht lass. De politeschen Accord war eng Saach, seng Ëmsetzung am Detail eng aner. Dräi Joer laang hunn d'Regierungsexperten um héchsten Niveau sech zu Bréissel mat deem komplizéierten Dossier erëmgeschloen, fir all déi kleng Schreiercher anzעדéien, déi schliesslech den Accord vu Feira sollte prett fir d'Praxis maachen.

Esou wéi een net derlaanscht kënnt, de Regierungsmembere vun deemools - dem Premier- a Finanzminister Jean-Claude Juncker, dem Budgets- a Finanzplazminister Luc Frieden an dem Wirtschaftsminister Henri Grethen - déi déckste Komplimenter fir hiert geschéckt Taktéieren zu Feira ze maachen, esou muss een de Fonctionnaires, déi duerno den Detail zu Bréissel ausgehandelt hunn, engem seng onageschränkten Unerkennung fir dat aussprieden, wat si erreicht hunn. Wat do ënnert der Leedung vum Gast Reinesch, dem Administrateur général am Finanzministère, zustane kum, ass scho méi wéi e politesch Meescherstéck. Et ass eng Glanzleeschtung, där hiren Impakt fir eis Finanzplaz onermiesslech ass.

Firwat? Mä ganz einfach, well dat wat bei deene Verhandlungen hannen erauskum, dat Beschit ass, wat ee fir eis Finanzplaz erausschloe konnt. Et därerf een net vergiessen, vu wou mir zu Feira fortgaange waren - nämlech vun engem generellen Informatiouns-austausch tëschent de Steiervwaltungen, also enger Ofschafung pure et simple vum Bankgeheimnis.

Dat steet, net fir d'lescht och Dank der geschéckter Implikatioun vun der Schwäiz, einstweilen net méi zur Diskussioun an därerft fréistens 2012 erëm op d'Tapéit kommen. An och d'Quellesteier, fir déi sech nieft den dräi EU-Länner Eisträich, Belsch a Lëtzebuerg all Drëtlänner, d'Schwäiz, Liechtenstein, San Marino, Andorra a Monaco, plus déi sou genannt ofhängeg Territoiré wéi d'Kanalinselen entscheet hunn, ass net esou uerg ausgefall wéi gefäert gi war. De Steiersaz ass, op d'mannst an enger éischter Phas, ze erdroen an de Katalog mat de Finanzprodukter, op déi d'Quellesteier sech applizéieren wäert, ass net iwwerdriwwer laang ausgefall.

Eng vun deene wichtigste Froen, wann net souguer déi wichtigst fir Lëtzebuerg, war an de Verhandlungen den Traitement vun den Investmentfongen, déi jo zu eise Spëtzeprodukter entre-temps gehéieren an e gudden Fënnestel zur Wäertschöpfung vun eisem Finanzsektor bäidroen.

Et stoung vu virera fest, datt nëmmen déi Kapitalrevenuë géife vun der Besteuerung erfaasst ginn, déi